PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 MARS 2019
469

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Den honorabelen Här Minister Bausch huet a senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°427 zum engen net op all Froe geäntwert, ass zum aneren awer op guer net gestallte Froen (z.B. iwwert Dividenden) agaangen oder huet politesch Kommentarer formuléiert. Dëst féiert dozou, datt verschidde Froen nach eemol musse gestallt ginn, fir vum Minister eng Äntwert ze kréien, respektiv fir Prezisiounen zu den Äntwerten ze erhalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Confirméiert de Minister, datt de Staat als *bénéficiaire économique* vun den 3 Gesellschaften, der SNCA, SNCT an SNCH, zeréckzebehalen ass?
- Am *Luxembourg Business Register*, deen de fréieren *Registre de Commerce et des Sociétés* (ob deen de Minister a senger Äntwert awer nach verweist) ersat huet, fënnt een op enger Lëscht vun der Trésorerie de l'Etat, d'Nimm vun dräi Persounen, déi an den Opsiichtsréit vun deenen 3 Gesellschaften (SNCT, SNCA, SNCH) sinn. Si goufe vu staatlecher Säit genannt a si laut der Äntwert vum Minister Fonctionnairen. Kann de Minister confirméieren, datt dës 3 Beamten eng Autorisatioun fir eng Niewebeschäftegung als Administrateur an der SNCT vun hirem zoustännege Minister kruten? Wa jo wéini goufen dës Autorisatiounen ausgestallt?
- Vue datt d'Zuele bei der SNCA laut Ausso vum Minister net méi vergläichbar mat aneren Exercicer sinn: Wéi héich waren d'Indemnitéite vun den Administrateuren – opgeschlësselt no Gesellschaft a mat enger Indikatioun zur Unzuel vu Sëtzunge vum Conseil pro Joer vun 2012 bis haut?
- Ass de Minister net der Meenung, datt iwwert den Ëmwee vun enger Nominatioun vu Beamten an den Conseil vun enger SA duerch eng SARL – amplaz duerch de Staat, deen *bénéficiaire économique* ass – de Geescht vum Gesetz vum 25. Juli 1990 ëmgaange gëtt?
- Ass de Minister net der Meenung, datt een eng Ännerung vum Gesetz vum 25. Juli 1990 misst ustriewen, fir déi do festgehalen Dispositiounen op *all* Gesellschaftsformen auszedehnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 08 mars 2019

Objet : Question parlementaire n° 469 du 08.03.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Conseils d'administration de la SNCT, de la SNCA et de la SNCH

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés